

JOURNÉE DE COMMÉMORATION NATIONALE

Dikrech - 7. Oktober 2018

Ried vum Präsident vum „Comité pour la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale“

Här Chamberpräsident,
Här Premierminister,
Här Vizepremier,
dir Häre Ministeren a Staatssekretär,
Madame an dir Hären Deputéierten,
Här Präsident vum Staatsrot,
Vertrieder vum Corps diplomatique,
Membere vum Schäffen- a Gemengerot vun Dikrech,
Här Direkter vum Dikrecher Kolléisch,
dir Dammen an Häre Vertrieder vun de patrioteschen Organisatiounen,
dir léif Leit alleguerten,

Virop wëll ech direkt soen, dass et mir eng besonnesch Éier ass, fir op dëser nationaler Gedenk- an Erënnerungsfeier zu Dikrech meng 1. offiziell Ried als neie Präsident vum „Comité pour la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale“ ze halen.

D'Journée de la commémoration nationale huet eng laang Traditioun zu Lëtzebuerg. Dat ass gutt a richtig esou, et muss een sech awer froen, ob et mat dësem Erënnerungsdag, deen op nationalem a lokale Plang méi oder wéineger zur Routine ginn ass, duergeet, fir an der Zäit vun haut un d'Affer vum Zweete Weltkrich ze denken, sie ze éieren an eiser Natioun hiert kollektiv Gediechtnes waakreg ze halen.

Ech sinn éischer der Meenung, dass Lëtzebuerg eng allgemeng Erënnerungskultur un den Zweete Weltkrich brauch, dee méi wéi siwe Jorzéngten zrëckläit a bei ville Leit hei am Land, deelweis duerch de Generatiounewiessel bedéngt, entweder an de Vergiess geréit oder awer net méi esou richtig wouergeholl gëtt.

Mir müssen also zu enger neier Kultur vun der Erënnerung kommen an dobäi Weeër fannen, wéi d'Mémoire funktionéiere kann, wann déi lescht Zäitzeien net méi ënnert äis sinn. En Erënnerungsdag wéi dee vun haut déngt der Selbstvergewässerung a bitt d'Geleeënheet, fir a sech ze goen an iwwert seng eegen Haltung géintwärt der Geschicht vum Zweete Weltkrich nozedenken. Dës Erënnerung däerf a kann een nämlech net einfach hanner sech loossen, mä et muss een sech op eng nei Manéier mat hir ënnert de Voraussetzungen an Erausforderungen vun eiser Zäit a Verbindung setzen. D'Erënnerung ka net einfach fortgeschriwwen ginn. Sie muss ëmmer erëm erneiert ginn, well sie soss Gefor leeft, an de Vergiess ze gerdnen.

Erlabt mir elo, e bëssche méi ausféierlech op e konkrete Fall vun Erënnerung anzegoen: Den Här Eugène Leger, gebuer de 14. Abrëll 1919 zu Déifferdeng, gouf 1941 als jonke Gemengebeamten den alleréischte Passeur vu PI-MEN (Patriotes indépendants). Alles an allem war hien 110mol als Passeur aktiv an huet doriwwer eraus 15mol den heemleche Passage vu franséische Krichsgefaangenen, déi aus deene berüchtigten Nazi-Stammlagere fortgelaf waren, iwwert d'franséisch-lëtzebuergesch Grenz organiséiert an duerchgefouert. Dat andeems en eng Filière vun

Déifferdeng bis op Nancy opgebaut huet.

An de „Forces françaises combattantes“ vum General de Gaulle ass den Eugène Leger, deen ënnert de Pseudonymen Guy Raymond Legère, René Eugène Gérel, Guy Lejeune, Eugène Pesant, Eugène Deltour oder och nach Guy Lafont mat falsche Pabeieren aktiv war, am Juli 1942 als Geheimagent Reno F. 761 am Rang vun engem Leutnant engagéiert ginn. Seng Aktivitéiten hu virun allem an Observatiounsmissiounen iwwert de Nazi-Okkupant op franséischem Buedem bestanen.

Un enger vun de gréissten Heldendote vun der Lëtzebuenger Resistenz war den Eugène Leger als Mëttsmann och bedeelegt, an zwar krut hien am Januar 1943 zu Lëtzebuerg den Optrag, fir eng Kopie vun Opzeechnungen vun héchstem militäresche Wäert mam Codenumm „Jean l'Aveugle“, déi Lëtzebuenger vun der „Heeresversuchsanstalt“ fir d'V 1 zu Pennemünde gemat haten, op London weiderzeginn. De 17. August 1943 huet doropshin d'Royal Air Force mat 520 Fliegerattacken Peenemünde bombardéiert an domatter de Bau vun der berüchtigter V 2 zrëckgehäit.

Am Oktober 1943 krut den Eugène Leger och geheim Pabeieren iwwert d'Fabrikatioun vun däitsche Rakéiten an der Géigend vu Nordhaus an Thüringen, fir se den Alliéiert zoukommen ze loossen.

Den Eugène Leger gëtt ënner anerem souguer an enger Publikatioun vum Colonel Rémy, engem vun de bekannteste franséische Resistenzler vum Zweete Weltkrich, zitéiert.

Den 26. Abrëll 1944 war e fatalen Dag fir dëse Lëtzebuenger Patriot, wéi en duerch eng Resistenzlerin vun Déifferdeng, déi d'Säite gewiesselt hat, verroden an zu Conflans-Jarny (Département Meurthe-et-Moselle) vun der Gestapo verhaft gouf. Ënnert der Uschëllegung, Kontakter mat de Geheimdénkschter vun der „France Combattante“ ze hunn, ass en an der Villa Pauly zu Lëtzebuerg op brutalste Manéier gefoltert ginn. Déi nächst Etappen op sengem Leidenswee waren d'SS-Sonderlager Hinzert, de Prisong vu Wittlich, d'Zuchthaus Ziegenhain a schliesslech d'Konzentratiounssammellager Breitenau bei Kassel. Vun hei konnt den Eugène Leger de 4. Oktober 1944 flüchten a bei Homberg an engem Bësch ënnerdauchen, fir sech duerno an der Géigend ze verstoppen.

Wéi den Eugène Leger decidéiert hat, fir heemlech fir d'Feierdeeg vu Chrëschttag an d'Schwäiz ze reesen, huet d'Kriminalpolizei hien de 16. Dezember 1944 zu Linz-am-Rhein, dat ongeféier um halwe Wee tëschent Köln a Koblenz läit, verhaft. Ganz kuerz duerno ass hien do an enger Prisongszell dout opfonnt ginn. „Tod durch Erhängen“ gouf als Doudesuersach am Zivilstandsregister vun der Stad Linz aktéiert, mä a Wierklechkeet ass e wahrscheinlech ëmbruecht ginn.

Seng Läich gouf 1950 vum „Service de sépulture“ vum „Ministère des Anciens combattants“ vu Paräis zu Linz exhuméiert, fir am nationale Nekropol vu Cernay am Elsass bäigesat ze ginn. Den Eugène Leger, dee vun der franséischer Arméi d' Croix de guerre avec palmes zouerkannt krut, ass schliesslech den 2. Oktober 1965 mat militäreschen Éieren um Kierfecht vu senger Heemechtsstad Déifferdeng begruewe ginn.

Dir frot iech elo sécher, firwat ech op de Leidenswee vun dësem Resistenzler agaange sinn. Hei ass d'Erklärung: Dëser Deeg huet den André Hohengarten wësse geden, dass en däitschen Historiker, deen d'Graf vum Eugène Leger opsiche wollt, vun der Gemeng Déifferdeng de Bescheid krut, dass

dat net méi existéiert. An anere Wieder: Et ass keng bleiwend Erënnerung méi un eng vun de ganz grouse Figure vun der Lëtzebuerger Resistenz um Kierfecht ze gesinn. D'Nazien hunn hien als Mënsch ausradéiert, elo léisst seng Heemechtsgemeng hien och visuell aus der Erënnerung verschwannen, an dat mat engem einfachen administrative Fiederstréch. Dat ass fir mech e Skandal, well aus engem „Mort pour la patrie“ däerf keen „Oublié par la patrie“ ze ginn!

Ganz allgemeng wëll ech an dësem Zesammenhank och d'Fro opwerfen, wéi mir et mam Respekt virun eise nationalen Erënnerungsmonumentaler halen.

Mäi Wonsch no enger neier Erënnerungskultur un den Zweete Weltkrich féiert mech derzou, fir iwwert d'Noutwendegkeet vun enger Erënnerung ze schwätzen, déi virun allem och bei de nowuessende Generatiounen ukënnt zu enger Zäit, wou d'Verankerung am Gediechtnes vun de primären Zeien ewechfällt. Et gétt op deem Plang eng Rei luewenswäert Initiativen, fir d'Jugend vun haut op verschidde Manéieren an d'Erënnerung un den Zweete Weltkrich mat anzubannen a se dofir ze sensibiliséieren. E gutt Beispill ass haut Nomëtteg den Optrëtt vun de jonke Studentinnen a Studenten vum LCD bei dëser nationaler Erënnerungsfeier. Dat alles geet menger Meenung no awer net duer. Do muss einfach landeswäit op enger breeder Basis méi System drakommen.

An deem Sënn schloen ech eng „Journée du souvenir à la Deuxième Guerre mondiale“ vir, en eegenen Dag also op deem an alle Schoulen d'Geschicht vun de schreckleche Krichsjoren 1940-45 thematiséiert soll ginn. Op Regierungssäit ass viru kuerzem eng „Journée du patrimoine culturel“ an d'Liewe geruff ginn. Grad esou néideg ass et awer menger Meenung no en Dag am Zeeche vun der Erënnerung un e wesentlecht Kapitel vun eiser Nationalgeschichte, dat onbedéngt am kollektive Gediechtnes eng fest Plaz fannen a behale muss.

Virun dräi Woche war ech op enger Gedenkrees mat der Zwangsrekrutéiertefederatioun an déi berüchtigt Moorlagere vum Emsland (Niddersachsen). An dësem KZ-Prisong goufen och 108 Lëtzebuerger Jongen vun den Naziën tyranniséiert. Schliesslech sinn der 91 vun hinnen an der Nuecht op den 31. Januar 1945 vun engem SS-Sonderkommando zu Sonnenburg (haut Slonsk a Polen) kalbliddeg ëmbruecht ginn. An der zentraler Gedenkstätte zu Esterwegen am Emsland ass een déif beandrockt vun der pädagogescher Aarbecht, déi hei op verschidde Manéieren am Sënn vun der Erënnerung gelescht gétt. Do gesäit een däitlech, dass d'Erënneren un déi schrecklech, mënscheveruechtend Nazizäit eng Flicht ass, fir de Retour vun den Dämonen aus der Vergaangenheet ze verhënneren. An deene verschiddenen Ausstellungen gétt allerdéngs net nëmmen un déi 15 Emslandlageren an hir Affer erënnert. Villméi passéieren all Joer hei Dausende vu Jugendlechen, fir en Zeechen géint Diktatur, Gewaltpolitik, Terror, Nationalismus, Extremismus, Intoleranz a Rassismus ze setzen, dat Ganzt gekoppelt mam Opruff zum Engagement fir Mënscherechter, Rechtsstaatlechkeet, Toleranz, Solidaritéit an Demokratie.

D'Populatioun am Grand-Duché besteet geschwënn bal zur Halschent aus Net-Lëtzebuerger. Wat awer wëssen eis auslännesch Matbierger iwwert den Zweete Weltkrich zu Lëtzebuerg? Wär dat kee Bäitrag zu hirer Integratioun an zur nationaler Kohäsioun, wa sie doriwwer géifen opgeklärt ginn? Do kënnt den 2016 gegrënnte Zentrum fir politesch Bildung, deen allerdéngs dofir misst ausgebaut ginn, e grad esou wichtege wéi nätzleche Bäitrag leeschten.

Zum Ofschluss nach dës Iwwerleeung, déi mat engem Virschlag verbonnen ass. De „Comité pour la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale“, deen duerch e Gesetz vum 26. Juni 2016 geschaf gouf an an deem d'Resistenz, d'Zwangsrekrutéiert an d'Jude als Affergruppen zesummegeschloss sinn, ass per Définitiou zu Lëtzebuerg dat iewesch Organ vun der Erënnerung un den Zweete

Weltkrich. An der Tëschenzäit ass dëse Comité aus dem Rodage eraus. Hien ass sech senger Missioun bewosst a wëllt och Initiativen ergräifen. Allerdéngs ass en a senger Mëttele zimmlech ageenkt, an dat souwuel administrativ wéi och finanziell. Do mussen d'Strukturen ausgebaut ginn, fir dass hien sengen Aufgaben nokomme kann.

Ech soen Iech alleguerte Merci fir Är Opmierksamkeet!

Joseph Lorent